

Watfir e Lëtzebuergesch?

Et ass gewosst, datt een iwwer esou eng Fro hei zesoe mat zwéi Féiss an d'Frittendëppe ka sprangen ... ower si muss gestallt ginn, wann et drëm geet, eiser Mëttsprooch e Stéck weiderzehlëfen. Als ee „voan do owen“ huet dee Problem fir mech eng perséinlech Bedeitung. **Et ass ewell zimlech dolaanscht, wa gemengt gëtt, iwwer den Heischtergronn eraus misst et „van do uawen“ heeschen, wat een ower nëmmen am Clierwer Kanton fënnt.** Do si mir schonn an der Fro iwwer „watfir eng Sprooch“ am Rad!

Mengt jo nëmmen net, ee „van Husen“ (Housen), dee giff deem „Héineschter“ (Hengescht) oder ee „voa Woolz“ deem „Neerter“ (Niertreg) säi Lëtzebuergesch ewell mirnäischdirnäisch ënnerschreiwien? Deen „Dauler“ gesäit och am „Eeschener“ (Äischen) net onbedéngt dat „Richteg“. Méi wéi ee Schengener, Maacher, Wormer, Riemescher, Bëlleger asw. huet an der Zäit dem gudden Will Reuland säi „Miser“ och net guttgehal. Fir de Stack-Erny vu „Veine“ muss ee sech „schuamen“, d'Sprooch laanscht d'Veianer Schlooss net ze „schweezen“ ... sou kënnt een dann **elo e Gespréich a Geschreifs wéi en „8-Auer-Zuch“ féieren, wann et drëm geet, dem Lëtzebuergesch eng verstänneg Mëtt ze ginn.** Wéi ugedeit: eng rëtscheg, glëtscheg Probéierchen.

Dee Kierchtuerms-, Duerf-, Stad- a Regional-Phenomän gëtt et ower net nëmmen hei am Ländchen. Mir fannen deer Sproochskalaen och an Däitschland, dem Frankräich, der Belsch, Holland, Italien, Spuenien... ower **net am Duden, am Larousse, am Harrap's, den Zeitungen, der Télévisioun, de verschiddene Schoul-Graden.** Iwwerall, wou „eppes ënner d'Leit“ sollt/soll kommen, fanne mir de Gebrauch vun enger sougenannter „Koinè“, wéi d'Griechen d'Mëtt aus hirem Sproochgewulls ewell genannt hunn. Wat huet de Luther da gemaach, wéi hien d'Bibel „op Däitsch“ iwwersat huet? Op déiselwecht Fassong ass dat zënter dem François 1^{er} mam Franséische gang; beim Shakespeare fanne mir knapps Lokalkolorit; den Nidderlänner Erasmus ass net beim Rotterdamer hänke bliwwen; grad esou kënne mir beim Leonardo da Vinci, dem Macchiavelli oder dem Dante fir d'Italiénescht raisonnéieren. Da loosst mer dach fir d'Lëtzebuergesch verstänneg sinn!

vum Lex Roth



(Foto: Teddy Jaans)

Da gitt iech emol drun...

... fir d'éischt op Däitsch... a firwat net op Franséisch oder op Englesch. Dir wäert e Stéckelche vun deer Wouerecht matkréien, datt d'Lëtzebuergesch säin eegent klengt Liewe féiert... an dofir keen dat hei zu Berlin oder Paräis matkritt:

- Hal op mat deem Geklunschs
- Géff dech mat dengem Gejääz
- Kuck, dass du verkënns, oder et rabbelt
- Maach kee Kaméidi, soss gëtt et Buttek
- Déi Porettekéil sinn nach ze kleesper
- Rapp dee Roff net rof, dat gi Länzeechen
- Wann s de der 3 eran hues, dann hänks de
- Du kriss geschwënn eng an d'Akaul
- Déi zerronschelt Gromperen hu Kéngen
- Mir hunn eng Hamenheiss am Schnatt
- Schlo deng Bouneschlupp eran

CPLL?

Eng aus deer Wull vun Ofkierzkniddelen, déi sech zënter deer gloriéiser NSDAP-Zäit iwwerall breet maachen; an dësem Fall soll et „Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise“ heeschen. Dee Gremium steet op stramm-gesetzlech Fous; hien ass, sengem Numm no, geschafe ginn, fir d'Regierung ze beroden. Et ass also **kee Veräin oder Club**, deen sech „einfach esou“ ëm eis Sprooch bekëmmert; eng Dose vum Grand-Duc ernannte Leit, déi wéinst hire verschiddene Relatiounen a Kompetenze mam Lëtzebuergesch eng Ernennung kritt hunn. De President vum CPLL ass fir den Ament en héige Regierungsfonctionnaire (Marc Barthelémy); vertruede si Sproochwëssenschaftler, Schrëftsteller, Journalisten, Schoulleit (Guy Berg, Germaine Goetzinger, Alain Atten, Josy Braun†, Josiane Kartheiser, Claude Bache, Denise Besch, Peter Gilles, Gaby Künsch, Pierre Reding, Lex Roth). **Deemo hu mir et op kee Fall mat „Fanatiker, Nationalisten, oder soss -isten“ ze dinn!**

Wann da just den CPLL sech och elo ouni Kéier a Krëmmel, SCHRËFTLECH! bei der Regierung an der Chamber fir eis Sprooch an der Constitutioun asetzt, da misst jo bal all verstännege Mënsch matkréien, datt déi Fro net eleng bei der „Actioun-Lëtzebuergesch“ um Leescht ass ... an den CPLL dofir en décke Merci zegutt huet!

An? – Wéi ass et mam Referendum?

Et ass drop an drun, datt mir alleguer invitéiert ginn, op en etlech **wichtig Froen an engem oder méi Referenden eise JO oder NEEN iwwer wichtig Froe fir eist Land a seng Leit** ze soen. Nom Text vun eiser Constitutioun/Verfassung si mir, d'Vollek, Här a Meeschter iwwer Lëtzebuerg: Mir sinn de SOUVERÄN!

D'Gesetz bestëmmt, um Fong vun der Verfassung – esou wéi an allen ziviliséiert-demokratesche Staaten – wien eng Nationalitéit kritt a wéi dat ze geschéien huet... an **alleguer d'Gesetzter müssen hir Wuerzelen am Grondgesetz, der Verfassung kënnen noweisen.** Lëtzebuerg huet bis elo ganz kloer dräi Gesetzter, déi sech op eis NATIONALSPROOCH, d'Lëtzebuergesch, beruffen, net däitlech op d'Verfassung: **d'Sproochgesetz vun 1984; eist Nationalitéitsgesetz; d'Gesetz fir d'Institutioun**

vum „Institut national des langues“ ... mä bis elo ass d'Lëtzebuergesch net mat sengem éierlechen Numm, also formell, an eiser Verfassung ernimmt. Den Artikel 29 vun eiser Constitutioun schwätzt just „elegant-rondrëm“ vum „*emploi des langues en matière administrative et judiciaire*“.

Kee verstännege Mënsch huet eppes géint de Gebrauch vun anere Sproochen um Gebitt vun eiser Verwaltung an der „Juristere“. Ower zu deer allgemenger lëtzebuergescher Identitéit an eiser spezieller Sprooch-Eegenart gehéiert d'Lëtzebuergesch als d'Sprooch vum Lëtzebuerg Vollek, dem Souverän vum Grand-Duché... domat huet et och, ouni Zweedäitegkeet seng Plaz als NATIONALSPROOCH an eiser Constitutioun! Dat verhënnert net, datt d'Lëtzebuergesch an aner Sprooche fir administrativen/offizielle Gebrauch esouguer an der Verfassung ernimmt ginn.

Argumenter iwwer de Prinzip, fir eis Sprooch an d'Constitutioun ze schreiwien, fann dir an dese Wochen an enger Brochure mat **e puer Dose klenger a grousser Artikelen, déi joerelaang als Rubrik „Ceterum censeo...“** an der KLACK fir eis Sprooch an eisen Haupt-Zeitunge komm sinn, deemno politesch op neutralem Fong! Mat deer Brochure an der Hand kann da knapps nach ee soen, hien hätt dës

oder déi Ursaach net esou matkritt, gesinn oder beduecht ... besonnesch virun engem eventuelle REFERENDUM.


Eis Membren, mat deenen hirer Cotisatioun d'Brochure méiglech ginn ass, kréien se natierlech alleguer geschéckt. Wien sech doriwwer eraus dofir intresséiert, dee soll äis op eng vun eisen Adressen iwwer Telephon, Fax, E-Mail oder soss Bescheed ginn; da kënnt se GRATIS. Vergiesst net, wéivill dir der gär hätt... a sot genee, wou dir wunnt!

Hei gesidd dir de Cover vun der Brochure iwwer d'Lëtzebuergesch an eiser Constitutioun (lénks)... mat engem Gedicht (uewen), dat ee vun eisen allerbeschten an éierlechste Schreiwerten... 1972 geschriwwen huet.

EIS SPROOCH

Sinn et d'Koppen, d'Stécker, d'Bëscher,
déi d'Leit maache wéi se sinn,
oder si mir duerch d'Gebräicher
Lëtzebuergescher Biirger ginn?
Jiddereen, dee misst et spieren:
Lëtzebuerg, dat läit muer brooch,
wa mir haut müssen entbieren
d'Kraaft vun eiser Heemechtssprooch!
Ech weess, ech weess, et gëtt gesot,
eis Sprooch wier gutt fir an de Stot,
fir héich Gedanken, grouss Gefiller,
do hätte mir keng richtig Biller.
Souguer, wann dat sollt wouer sinn,
kann et dach näischt méi Schéines ginn,
wéi sech an d'Sprooch eranzeknéien,
an deer eis eege Blumme bléien.
Franséisch an Däitsch dierf iech gefalen,
mä wat dir musst an Éiren halen,
dat ass eis Sprooch... well si ass d'Muerg
vum klenge Ländche LËTZEBUG!

René Kartheiser
1972



Statistiken... ticken

Um Gebitt vun eiser Sproochsituatioun dierf ee **vu Statistiken hale, wat ee wëllt.** Déi maachen sech et, zimlech onwëssenschaftlech, bëlleg (?) mat de Prozentsätz, wann et ëm eis auslännesch Leit an d'Lëtzebuergesch geet; et ass esouguer eng Zort Gemengheet vis-à-vis vun de Portugisen, Italiéiner, Capverdiener, Balkanbiirger asw., déi och Lëtzebuergesch verstinn/schwätzen.

Mir sinn zwar „nëmmen méi“ zu 55 % Lëtzebuergescher ... dat wëllt dach ower absolut net heeschen, datt „déi aner 45 %“ näischt mam Lëtzebuergesch ze dinn hätten. Wéi ass et da mat all deenen, déi zwar hei gebuer a joerelaang am Land sinn, ower hir Nationalitéit behalen hunn, ni Lëtzebuergescher guffen... ower Lëtzebuergesch schwätzen? Mat hire Kanner an esouguer Kandskanner wäert dat ronn d'Halschent vun hinnen ausmaachen, déi Lëtzebuergesch verstinn/kënnen... do kéime mir da séier un 80 % mam Lëtzebuergesch! Jaja, déi Statistiken, nedir ... ower den Churchill huet jo ewell gesot, hie giff nëmmen un déi Statisti(c)kerie gleewen, ... déi hie selwer gefälscht/manipuléiert hätt.